

## Verwurelt Gedanken?

Fir an eng Sprooch eranzekommen, gëtt et e sëllege Weeër a Pied. Fir ze weisen oder ze behalen, wéi voller Faarf an Ausdröcksméiglechkeeten eng Sprooch ass, sinn déi sougenannt 'Wuertfelder' ëmmer e giedelegt Mëttel. An der Pedagogik hu mir geléiert, datt Stonnen a Lektouren iwwer e bestëmmt 'Centre d'intérêt', praktesch rondrëm e Wuertfeld d'Sprooch vun de Kanner méi räich giffe maachen... an d'Praxis huet äis gewisen, datt dee Wee stëmmt. Huelt emol z. B. als 'Zenter' d'Kichen: alles wat dran ass, steet a läit... a wat domat gemaach gëtt; dat féiert, och am Lëtzebuergesch, bei e gutt gefëllte Vokabulär a bei Gespréicher, an deenen d'Ausdréck lieweg ginn. Klorerweis entstinn dobäi sougenannt 'interaktiv' Niewe-Wuertfelder, wou een Ausdröck deen aneren ergëtt a logescherweis ee Wuert/Saz un deem aneren 'hänke' bleift.

Leider ass et ower an der pedagogescher Wëssenschaft vill esou, datt eppes (eng 'Approche', eng Method asw.) 15 Joer laang ugehimmelt gëtt... fir dann ower och grad esou konsequent verdäiwelt, veruuzt a vun eppes verdréckt ze ginn... dat alt erëm no enger bestëmmter Zäit veräppelt gëtt. Et konnt z. B. ni ee mir explizéieren, firwat et op eemol streng verbuede sollt sinn, 'Vokabelen' oder 'Stammzäiten' am Franséschen ze léieren, Traductiounen ze maachen... an dat alles durch déi sougenannt 'méthode structuro-globale' ze ersetzen, Kanner vun 12–13 Joer z. B. wëlle wäisszemaachen, wat den Ennerscheed tëscht 'langue parlée' a 'langue écrite' soll sinn. Et huet zu deer mëttlerer Katastroph am Fransésche geféiert, déi net konnt/sollt ausbleiwen...

Och am Lëtzebuergesch kann een d'Spillwiss' vun de Wieder grouss oder kleng maachen. Ass iech z. B. ewell opgefall, wéivill a watfir eng Ausdréck mir hunn, fir mat Stofft oder Pabeier ëmzegen? Wann d'Hiem net éierbar an der Box ass, da schwätze mir vun 'druddelen/gedruddelt/Druddel'... a sot dat emol op däitsch. Et geet ower nach méi wäit:

Iwwersetzt, e Paltong wier 'ge/zerknujelt', well een sech am Auto net richtig gesat huet... vläicht sot dir vun engem, hie giff 'knujelen', well hien net däitlech schwätzt. Da si mir ower och gläich bei 'knijwelen, verknijwelen, zerknijwelen' am selwechte Sënn... dat huet ower och nach d'Bedeutung vun enger méi komplizierter Aarbecht, also enger 'Kniwwel'... mat deer e richtige 'Kniwweler' ower d'meescht eens gëtt.

Vläicht huelt dir ower léiwer eist 'knätzelen'... a kommt domat vill méi wäit, wann dir vun enger 'Knätzeln' schwätzt; 'Knätzeln' kann eng kleng Modi sinn, deer... d'Knätzeln mussen aus den Hoer gekämmt ginn; wann dir vun engem sot, hien hätt sech eng fatzeg 'geknätzelt'... da gitt dir zu Frankfurt grouss gekuckt, ower et huet keen eppes verstan. Am selwechte Wuertfeld leien dann och nach Ausdréck wéi 'verwurrelen, Verwurrelter, wurreleg'.

Huelt emol e Wuertfeld wéi d'Bewegung vun engem Mënsch oder engem Déier. Dat gëtt eng grouss Kuerbel voll Ausdréck, mat deenen ee maandelweis lieweg, plazeweis esouguer ganz lëschteng 'Sätz maache' kann...

Firwat dann elo dat 'Geknätzels' hei? Mä fir eng butzeg Iddi dovun ze ginn, wéi een och ganz intressant Schoulstonnen am Lëtzebuergesch kann/kënnt maachen... ouni gläich 'literaresch' ze ginn, oder en (total iwwerflëssege) 'Master' ze hunn. *Shame on me!!!*

## Fach emol duer!

Et wäert dach knapps ee wëlle behaupten, hien hätt nach ni eppes am **Zesammenhank mat deem komesche Verb 'fachen'** ze di gehat, a wann et nëmme ass, datt hie verzielt, hien hätt der e sëllegen dohem oder an der Schoul 'gefacht' kritt. Am Schoulhaff guff dann och alt emol 'rëmgefacht', datt et eng Freed war. Besser war/ass et ower, wann een déck hongreg ass, an et kann een eng zolidd Moolzegt à la 'Lëtzeburger Spezialitéiten' *erfachen*.

Méi rar ass ewell, datt ee soll 'ewechnachen', d. h. den Humpen eidel maachen, wann een aneren 'ee gëtt'. Geet een dann heem, an et reent a stiermt dobaussen, heescht et, datt et 'ferm gefacht' hätt... a vläicht 'facht' et ënnerwee, wann ee laanscht eng *mippseg* Mëschtkaul kënnt. Loost mer alt emol net ze wäit goen, an net verzielen, wat nach esou doruechter 'gefacht' gëtt... ower eent ass doudsicher: dat Verb gehéiert an eis Sprooch – an nëmme an d'Lëtzebuergesch – wéi d'Uelzecht an d'Mëtt vum Land!... Natierlech ass dat net wichteg, gelldir. Dat behaupten da gewéinlech deer, déi an anere Sproochen all lerbess extra schielen; mä dat ass da 'Linguistik', gelldir.

## Wat eng Chance!

**De Computer, den Internet, den E-mail, den SMS, Twitter, Facebook asw.** sinn eng Goldgruuf fir eis Sprooch. Net datt mir do elo genge kéipweis Neies fannen, jëmmen neen! Och net, datt d'Schreifweis vum Lëtzebuergesch elo eeendlech um beschte Wee wier; um Internet gesi mir, datt nach ganz vill Aarbecht op deem Gebitt ze maachen ass; do sinn der, déi schreiwie wierklech gutt; anerer krozelen eppes zesammen, datt d'Grujelen engem ausginn... mä **ET GËTT GESCHRIWEN!** Do ass de Punkt, op deen et ukënnt. Iwwerleet emol: Wien huet da virun 30 Joer Lëtzebuergesch geschriwwen? Bestëmmt keng 2 % vun de Lëtzeburger! Haut gëtt eis Sprooch, zesummegerechent/eent duerch d'anert, bestëmmt **an engem Dag 5 mol méi geschriwwen wéi 'soss' an engem Joer.** «Dat ass de Kotteng!» guff an der Zäit gesot.

Op des Manéier weist sech natierlech och, datt déi eng méi eng 'gewieweg-léifteg Schreif' hu wéi déi aneren... mä dat ass an anere Sproochen net besser an net schlechter. Wann een z. B. bei de Commentairen iwwer e populäre Sujet (Gëlle Fra, Index, Gesondheetsreform...) an den Internetzeitunge kuckt, da fënnt een der alt 50 an nach méi... op Lëtzebuergesch! Mir schwätzen net vun de Gedankengäng, déi, grad ewéi an der Schoul, dacks laanscht den Dill sinn; et geet hei drëm, datt Leit sech schréiflech an deer Sprooch Loft maachen, déi vun der Long... op d'Knäppercher geet. Dat gëtt ëmmer besser, och wann et seng Zäit brauch.

vum Lex Roth



## www.actioun-letzebuergesch.lu

Wéi d'KLACK N°25/1996 eraus war, huet eise sympathesche Comité-Member Claude Bache sech gefrot, **ob een net e Buch doraus kënnt maachen.** Ech hunn deemools gemengt, et soll ee wéinstens bis d'Nummer 50 domat waarden. E Buch? Dat ass séier gesot, ower et kascht e sëllegen Aarbecht, fatzeg Geld... an et muss jo och emol kaaft ginn.

Elo hätte mir 6 mol méi fir an dat Buch; et giffen der 4 vu ronn 300 Säiten, ower: **Mir hu ganz gutt Relatiounen mat eiser Haapt-Press gehat, déi dréckt jidder KLACK zesammen iwwer 100 000 mol,** sou datt jidder, deen eist Haapt-Produkt wëllt liesen, dat och ganz sécher all éischte Samschdeg vum Mount ka fannen. **Vill Leit hunn sech d'KLACK zënterhier all Kéier erausgeschnidden a versuergt; heiansdo hunn si dat ower dann och vergiess... an da guff et Krämpes... dat ass elo besser!** Viru 15 Joer huet jo och nach kee vun deene Méiglechkeete kënnen dreemen, déi mir haut mam Computer a vrun allem mam Internet hunn! Wien sech haut eng bestëmmten Nummer vun eiser KLACK wëllt eraussichen, dee brauch nëmme op eise 'Site' ze goen; do fënnt hien se alleguer.

Och d'Artikele 'rondrëm eis Sprooch' aus der **Sonneszeitung vun RTL.lu** sti vum anere Mount un alleguer 'am Netz'; et sinn der bis elo 91!

Zéckt net, heinsdo op eise Site luussen ze goen: [www.actioun-letzebuergesch.lu](http://www.actioun-letzebuergesch.lu)

## Ein Plettel voller Forellen?!

Zënter méi ewéi 30 Joer guff um Radio, an Zeitungsartikelen, grad ewéi hei an der KLACK gesot, datt een aus **notariellen Akten am Staatsarchiv eng déck Partie lëtzebuergesch schrëftlech Zeie vum Lëtzebuergesch aus dem 17. an 18. Joerhonnert kënnt eraus 'këddelen.** Deemools guff all *Boxeknapp* an en 'Inventaire' geschriwwen, wann et ëm e kriddelegt Schreiwes fir eng lerschaft gaang ass, esou op d'Manéier: **ein dikt irden Dikken Gebeess hannert der Dir enert der Trap...** Firwat? Mä well de Schreiwier zwar schreiwie konnt... ower a sengem Geschreifs net vu sengem Lëtzebuergesch ewechkomm ass!

**Zwéin lechternacher Professeren, d'Häre Pol Schiltz a Pierre Kauthen** hunn sech an deem Sënn mat den '*Ephemeriden des Placidius Eriquer*' ofginn, deen do an der Abtei ufanks vum 18. Joerhonnert eng Zort Econom war. Do sange 'Merelen', et geet rieds vun engem 'Greef', och dovun, datt déi vun Tréier mat '*Bengelen und Streiche*' verjot gi sinn, datt et och eng '*Klopfjagd*' guff, d'Bauere mam '*Theimer an d'Scheuer*' gejabelt sinn, an dees 'koppegen' Däitsch nach méi. **Mä am Däitsche guff a gëtt et keng Märel, keen Teimer, keen esou Bengel a keng Streech.** Dat 'Däitsch' ass ganz einfach eise Lëtzebuergesch, sou wéi mir et nach haut kennen! An dat ënnerstricht de Gedanke vun den Notars-Akte vun hei uewen.

Hei wuertwierftlech, wat de Professor Pierre Kauthen an sengem Artikel fir de Bulletin (29) vun den '*Anciens de l'Athénée*' schreift; e seriösen Intellektuellen, e bekannte Willibrord-Spezialist... mat Sécherheet kee klengkarréierte 'Fantiker': **Es wäre eine spannende Aufgabe für einen DOKTORANDEN, den Sprachgebrauch Eriquer's zu untersuchen, dessen Ephemeriden einen eigenen Stellenwert in unserer heimischen Literatur einnehmen dürften.** Genee dat ass, wat hei zënter Joere proposéiert a verlaangt gëtt. Am Dokument Eriquer, grad ewéi an eise Staatsarchiv, wier Schaffes fir 10 Doktoranden an der 'Luxemburgensia' vun der UniLu!!! Mol kucken.

## Habgierig?

Sidd es sécher, datt mir **an eiser Sprooch fir all mënschlech gutt oder aremséileg Uluechten Ausdréck** hunn. Dat giff deer grousser 'Erfelder' eent, vun deenen an deser KLACK rieds ass. Huelt de Fong vun deer economescher Kris, duerch déi mir an de leschten 30 Méint gaang sinn... an nach net um Enn. D'Ursaach ass dach, datt schrecklech vill Leit ni genuch hunn, a wann se vun Dommheit drun an dran erstécken; *si kréien den Hals einfach net voll*, a wann d'ganz Welt giff dru futti goen.

Do schwätzen d'Fransouse vu *cupidité*, d'anglophon Leit vu *greediness*, déi Däitsch vu *Gier/Habgier/habgierig*... brauche mir dat? Neen, well mir hunn den Ausdröck **Abgauschdegkeet/abgauschteg!** Dat huet glat näischt mat 'al' ze dinn, well d'Saach selwer sou al ass wéi d'Mënscheet.

Vrun Dausende vu Joeren huet en Inder dat billerméisseg an eng Fabel gesat, déi ewell bei Griechen a Réimer, duerno och am 17. Joerhonnert eng Plaz beim Jean de la Fontaine krut: *La poule aux œufs d'or*. A mengem Buch '**Milly-Maus**' fannt dir se, ënnert villen aneren, als '**Kluck mat de gëllen Eeër**' op Lëtzebuergesch (et ass zesoe vergraff, mä fir d'Feierdeeg-Cadeaü vum Dezember nach ze kréien); liest déi Fabel mol schéi lues; si passt op d'Krise-Situatioun wéi d'Fauscht op d'Aen: L.R.

**E Kuschtert ass e Kranken  
an d'Geld seng Medezinn.  
De Geier ass säi Féiwer,  
dat hien net lass ka ginn.**

**fir dann do drun ze kommen,  
schléit hie säin Hong op d'Kopp,  
dréint d'Dicki bausebannen,  
rappt Long a Liewer raus...  
Mä d'Hong war wéi all anert,  
an d'Goldgeschicht ass aus.**

**Sou war ees mol e Knéckjang,  
deen hat eng Wonnerkluck:  
si luecht all Dag e Gackel  
vu Gold an hire Juck.**

**Ville Leit ass et grad wéi dem Geldsak mam Hong,  
déi ze séier steeräich wollte ginn;**

**Hien duecht, 't wier an deem Hénkel  
eng Goldmaschinn verstoppt;**

**well dem Krupps a seng Zaang ass scho muncheree komm,  
deen och Fiisschen an Hiesche wollt sinn!**